N°255
Entrée le 31.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 31.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/01/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

Wéi am Budgetsgesetz an och a Circulaire vun der Steierverwaltung festgehale ginn ass, konnten d'Leit bis den 31ten Dezember hir Steiererklärung fir d'Joer 2022 eraginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat fir een Datum notzt d'Steierverwaltung an deem Kontext als Limitt bei Steiererklärungen déi via Post ukommen?
2. Wéi geet d'Administratioun mat Erklärungen ëm, déi laut Poststempel virum 31.12 erageschéckt gi sinn, déi awer eréischt am Joer 2024 bei der Steierverwaltung ukoumen?
3. Wéi vill Steiererklärungen fir 2022 sinn an der éischter Januarwoch vun 2024 bei der Steierverwaltung ukomm?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N°255
Entrée le 04.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vum Här Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°255 vum 31. Januar 2024 vum éierbaren Deputéierte Sven Clement

Duerch d'Budgetsgesetz vum 23. Dezember 2022 fir 2023, ass den Datum op deem d'Steiererklärunge bei der Steierverwaltung eragereecht musse ginn, op den 31. Dezember vun dem Joer dat op d'Steierjoer follegt, festgesat ginn. Dëst bedeit, datt eng Deklaratioun déi iwwert de Postwee geschéckt gëtt, muss bei engem Büro oder Service vun der Steierverwaltung virum Oflaf vun dem virgeschriwwenen Datum, also bis um Mëtternuecht den 31. Dezember agaange sinn.

Schreiwes an Enveloppe mat Deklaratiounen, déi de Poststempel vum 31. Dezember droen, sinn *de facto* net de selwechten Dag bei der Steierverwaltung eragereecht ginn, a respektéieren esou net de virgeschriwwenen Delai.

Fir steierflichteg Persounen, déi d'Konditioune vum 1. Abschnitt vum Artikel 153 vum Akommessteiergesetz erfëllen, an déi de virgenannten Delai vum 31. Dezember net respektéieren, kënnen, op Basis vun enger Ermiessensentscheedung vum Preposé vum Steierbüro, sanktionnéiert ginn.

Steierzueler, déi net ënnert d'Bestëmmunge vum 1. Abschnitt vum Artikel 153 vum Akommessteiergesetz falen, an déi wëllen iwwert de Wee vun der Assiette besteiert ze ginn, mussen dës Ufro bis den 31. Dezember vum Joer dat op d'Steierjoer follegt, eragereecht hunn. Sollt dës Ufro nom genannten Delai gemaach ginn, gëllt se als verspéit. Déi betraffe Steierzueler ginn an esou Fäll vun de respektive Servicer ugeschriwwen a kréien dës Entscheedung an d'Recoursméiglechkeete matgedeelt.

An der éischter Woch vum Mount Januar 2024 sinn ongefëier 5,9 Prozent vun den immatrikuléierten Dossiere vum Steierjoer 2022 vu physesche Persounen, also ronn 19.700 Akommessteierdeklaratiounen, informatesch festgehale ginn. Et bleift ze bemierken, datt dëst d'Deklaratioune sinn, déi um Weekend vum 30. an 31. Dezember 2023 bis de 5. Januar 2024 eragereecht gi sinn, an esou och Deklaratioune betreffen, déi nach de virgeschriwwenen Delai respektéieren.

Lëtzebuerg, den 4. Mäerz 2024

De Finanzminister

(s) Gilles Roth